N°2540
Entrée le 01.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.07.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/07/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Energie weiderzeleeden.**

An de leschte Jore sinn d'Stroumpräisser europawäit an d'Luucht gaangen. Zu Lëtzebuerg goufen dowéinst an der viregter Legislatur finanziell Energiehëllefen an ee Stroumpräisdeckel agefouert. De Präisdeckel gouf dëst Joer vun dëser Regierung gekierzt a wäert dëst Joer ganz auslafen. D'Energieausgaben bleiwe fir vill Stéit awer, nieft de Wunnkäschten, eng héich Ausgab am Budget. An Däitschland ginn et Diskussiounen, fir de Stroumpräis steierlech weider erofzesetzen. Een Artikel an der FAZ vum 2.2.2025 schreift:

"*Eine Senkung der Stromsteuer auf den in der EU erlaubten Mindestwert würde die Stromkosten […] um knapp 7 Prozent verringern.*"

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Wéi eng weider Moossnahmen dierf Lëtzebuerg am Aklang mam EU-Recht ënnerhuelen, fir d'Leit bei de Stroumpräisser z'entlaaschten?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten